Text: Jean-André Stammet

D'Wäsch- an d'Drénkbueren am Dällchen

Vum Hondhaus bei den Théiwesbuer

Wa mer an den Archive vun der Stad Lëtzebuerg a soss wullen, fanne mer e puer interessant Dokumenter iwwert d'Wäsch- an d'Drénkbueren am Pafendall.

De Wäschbuer beim Hondhaus

No 1867 war de Wäschbuer beim *Hondhaus* (fréier Militär-Wäschbuer vun der preisescher Garnisoun) op fir all Leit. Iwwert dee Wäschbuer, dee beim fréiere Bistro *Hondhaus* ënnert der Eisebunnsbréck louch, ginn et an onser Literatur interessant Texter.

Den Adel Weis beschreift d'Liewe vun deemools beim Wäschbuer. D'Wäschfrae souzen an enger sougenannter *Wäschkutsch* an hu mat Seef a Bleil hantéiert. Déi Kutsch war eng hëlze Këscht, an där ee mat de Knéie souz fir se beim Baseng net naass ze kréien. Mam Bleil huet een op déi naass Wäsch geschloe fir den Dreck an d'Seef erauszekréien. D'Wäsch louch a Maandelen op enger Stousskar. Hei e puer Extraiten aus dem Adel Weis sengem Buch *Um Vaubang:*

All Dag souzen do en etlech Wäschfraen, Beruffswäschfraen, déi d'Wäsch vu bessere Stater Leit gemaach hunn ... Ech kënnt der nach e puer mam Numm nennen, seet de Jhängi, awer dat wëllt jo haut net méi vill soen. Do war d'Kättrengs Liss, d'Fréiops Suss, d'Klosen Any a Mullengs Finn, esouwäit ech mech erënneren, elauter brav an dichteg Fraen a Meedercher vum Fëschmaart.

Dat war der ë Geklapps um Buer vu muerges fréi bis an de spéiden Nomëtteg! E rouegt Gespréich war jo do ganz onméiglech, si hu missen haart jäizen. ...

Eng ganz arem Wäschfra war d'Kuhns Kätt aus dem Pafendall. E grondéierlecht a gutthäerzegt Framënsch. Et hat en zimlech groussen Trapp Kanner an e lidderege Mann. Den Hary huet nëmme stonneweis geschafft an déi puer verdengte Kraizer renglech versoff. D'Kätt huet misse fir aner Leit wäsche goen. Esou souz hatt oft um Buer a mat senger leschter Kraaft huet et stonnelaang geseeft, gebleilt, geriwwen a geschwenkt. Mat him konnte mir Bouwen de Geck net maachen, mir wousste Bescheed.

Wann d'Kätt nomëttes géint eng Auer véier bal net méi konnt, da koum ons Grouss mat engem Biz Kaffi an e Plättel voll Schmieren uewe bei d'Trap, déi of an de Buer gong an huet geruff: "Komm erop, Kätt, 't ass Zäit fir eppes z'iessen". An d'Kätt wousst dat an huet sech net fléiwe gelooss.

An zur selwechter Stonn, wéi wann s'et geroch hätten, waren dem Kätt senger Kanner, dräi, véier vun deene jéngsten do. Si hu sech bei d'Mamm op déi kleng stenge Plattform uewe bei der Trap gesat an d'Mamm huet hinnen agestach, wat s'an de Mond kruten. Do si Mäifel erofgaangen! Ons Kanner ass de Verstand bal stoe bliwwen. Mir hu gesi wat Honger an Aarmut ass ..."

Batty Fischer, 1905 © Photothèque de la Ville de Luxembourg

Am Pafendall wéi am Gronn - hei um Kriegelsbuer beim Stierchen -: d'Aarbecht vun de Wäschfrae war schwéier.

Den Théiwesbuer lénks vun der Kierch

Den Théiwesbuer leet säin Numm vu "Matthäus" of, deem Hellegen, deem d'Kierch am Dällche geweit ass.

1838 liese mer an engem Bréif[1] un den Architekt vun der Stad:

> *Il convient que la fontaine de St. Mathieu au Pfaffenthal soit réparée de manière à offrir au public toute commodité pour le puisage de l'eau. Cette fontaine n'étant destinée qu'à la boisson et non au lavage, vous voudrez bien nous présenter un devis des travaux, tendant à la diriger de manière à empêcher le lavage.*

1839 fanne mer dann och e *« Mémoire des travaux et fournitures faits par le soussigné Jean Mersch pour établir un double garde de corps près la fontaine dit Tevesbour au Paffenthal[2] »*. De Montant fir dës Aarbechte beleeft sech op 1289 florins.

Och d'Waasserdréier hu vun do aus d'Waasser mat Eemeren an d'Uewerstad geschleeft. Spéider gouf d'Waasser vum Théiwesbuer als verknascht erkläert. De 25. Oktober 1885 schreift de Police-Commissaire un de Schäfferot[3]:

D'Membere vum Sang & Klang hu virun all Prouf e puer Kréi Waasser um Théiwesbuer gezaapt.

Nobles & Honorables Seigneurs,

j'ai déjà eu l'honneur de vous entretenir plusieurs fois sur le désordre et la malpropreté qui existe à la fontaine de St. Mathieu au Pfaffenthal, en ce que les habitants vont y laver des lurelles (=langes) et autres linges, dont les saletés restent dans le bassin, où d'autres habitants vont laver leurs légumes ou prendre de l'eau pour boire. Je sais que vous aviez chargé feu M. l'Architecte Henri d'examiner le projet que je vous avais soumis pour faire cesser cet inconvénient, mais des nouvelles plaintes qui m'ont été portées à ce sujet, tant de la part des Militaires que des autres habitants du Pfaffenthal m'obligent de rappeler cet objet à votre attention pour aviser à des Mesures propres à garantir la salubrité de cette eau si nécessaire aux habitants de la dite Basse-Ville.

© Roger Medernach

D'Iwwerreschter vun der "Badeanstalt" Voelker-Schumann.

1886 kënnt et zur Grënnung vun der kommerzieller Wäscherei a Fierwerei *Voelker-Schumann*, där hir Gebailechkeeten nach haut ze gesi sinn (10, Vaubansstrooss). Si huet mat Quellewaasser an ouni Chimie gewäsch. D'Wäsch gouf beim Client ofgeholl an erëm zréckgeliwwert. Duschen a Buedbidde goufen och do installéiert, well déi meescht Leit jo nach deemools keng Buedzëmmer haten. 1979 huet de Betrib opgehalen.

1904 freet de "Lokal-Ausschuss zur Förderung der wirtschaftlichen Interessen der Unterstadt Pfaffenthal[4]", *"datt de Wäschbuer iwwerdaacht a reparéiert soll ginn"*.

An den 1920er Jore goufen déi meeschten Haiser an der Sichegaass aus Salubritéitsgrënn ofgerappt. Den Théiwes- an de Wäschbuer si stoe bliwwen. Am Fritz Weimerskirch (1895-1971) sengem Lidd, "d'Lidd vum Théiwesbuer", gëtt d'Politik vun deemools ugeprangert. An de 50-er Jore gouf weider sanéiert an duerch d'Explosioun den 30. Mee 1976 ass de leschten ale Kär vum Dällche verschwonnen.

Sosthène Weis, L'Alzette près des tours de Vauban (1933).

© Les 2 Musées de la Ville de Luxembourg

Nodeems an den 20er Joren d'Haiser laanscht d'Uelzecht wéinst Insalubritéit hu missen ofgerappt ginn, waren d'Leit gezwongen, a Roulotten ze liewen.

Fotograf onbekannt © Photothèque de la Ville de Luxembourg

Op d'Käerche baue mir en Daach, Eng Roulotte huet säi Charme...

© Photothèque de la Ville de Luxembourg

Déi modern Versioun vum Lidd:
Kanner o Kanner o quel bonheur!
Mir hunn elo en Ascenseur!

D'Lidd vum Théiwesbuer

D'Madammen aus der Sichegaass
Déi stounge vrun der Dir.
Haut gouf et iescht, verbäi de Spaass,
Si rieden hin an hir
D'Regierung hat en Här geschéckt
Ze kafen Haus fir Haus
An dat wor deem wéi't schéngt gegléckt
Si mussen all eraus

D'Gréit jäitzt: Mir halen net méi stall
Mat Dreeë geet et duer
Weist dee sech nach am Pafendall
Da fléit en an de Buer
Ah non! seet d'Siss, mir plënneren
An d'Lougaass trotz dem Knascht
Sollt do en Hond ons hënneren
Hu mir och gudde Kascht

Mais d'Stole Broscht seet: Hieft Verstand
Mir street kee Sand an d'Aen
Och d'Lougaass hält net laang méi stand
Wësst dir dann wat mir man
Op d'Käerche baue mir en Daach
Eng Roulotte huet säi Charme
Déi setze mir ee schéinen Dag
Flang mëtten op d'Plës'daarm

Refrain:
Kanner o Kanner o quel malheur,
Mir mussen aus der "Rue des Fleurs"
Wéi ass dat mënscheméiglech nur
Mir musse fort vum „Théiwesbuer"

Text: Fritz Weimerskirch (1895-1971)
Musek : no enger aler Melodie



R E G L E M E N T
über die Benutzung des Waschbrunnens Beiter-Kaserne, Pfaffenthal

Art. 1 Das Waschhaus ist jeden Tag geöffnet, mit Ausnahme des Samstag Nachmittags der zum Reinigen bestimmt ist.
Während der Periode vom 1. April bis 1. Oktober von 7 Uhr Morgens bis 7 Uhr Abends.
Vom 1. Oktober bis 31. März von 8 Uhr Morgens bis 4 Uhr Nachmittags.

Art. 2 Die Benutzung des Waschbrunnens ist kostenfrei und streng für die Einwohner der Kaserne bestimmt, welche der Reihenfolge nach zugelassen werden.

Art. 3 Kinder unter 10 Jahren dürfen das Waschhaus nur im Beisein der Eltern betreten.

Art. 4 Im Falle von Beschädigungen bleibt das Waschhaus bis zur Ausbesserung geschlossen.

Art. 5 Es ist verboten ausserhalb der reglementarischen Stunden, sowie auch während der in dem vorhergehenden Artikel vorgesehenen Schliessungszeit das Waschhaus zu betreten und daselbst zu verweilen.-

Art. 6 Es ist verboten :
a) Die im Waschhaus beschäftigten Personen zu belästigen;
b) mit Hunden das Waschhaus zu betreten;
c) aus den Wasserbehältern Wasser mit unsauberen Gefässen zu schöpfen;
d) in den Behältern, Geräte, Gemüse, Gedärme zu waschen, hinein zu spucken, in dieselben Papiere oder sonstigen Unrat zu werfen, sowie Bütten, Kübel, Fässer oder andere Gegenstände zu reinigen;
e) In der Umgebung Handlungen vorzunehmen, welche geeignet sind das Wasser zu verunreinigen oder dessen natürlichen Lauf zu hemmen oder abzulenken.-

Art. 7 Die Polizei ist befugt von dem Waschbrunnen alle Personen zu entfernen, welche sich dem Reglement nicht fügen wollen, oder deren Anwesenheit zu Unzuträglichkeiten Anlass geben könnten.

Art. 8 Es ist verboten während der Schliessungszeit Gegenstände in dem Waschhaus zurückzulassen.

Die Stadt-Verwaltung Luxemburg übernimmt keine Verantwortung für abhandengekommene, beschädigte Wäschestücke oder Gegenstände.
Gefundene Gegenstände sind der Polizei abzuliefern.
Der Person, die den Auftrag hat, darüber zu wachen, dass obige Bestimmungen eingehalten werden, ist Folge zu leisten.

Die Stadt - Verwaltung.
Das Schöffenkollegium:
ges. Gaston DIDERICH, Präsident,
ges. Henry BECK, Sekretär.

Gd/1/35. Luxemburg, den 15. Mai 1935.

Br.u. Transmis à la Commission du Logement, à Monsieur l'architecte de la Ville, Monsieur le commissaire de police, pour information et exécution.

Luxembourg, le 15 mai 1935.
Le Bourgmestre,

De Reglement vun 1935.

Reproduktioun: Vic Fischbach © Archives de la Ville de Luxembourg

1931 fënnt een an engem « Rapport sur les lavoirs publics[5] » eng ganz Rei aner Wäschbueren ernimmt: een op der Muerbels, ee bei der Eecherpuert, ee bei der Waasserpompel-Statioun (nach haut ze gesinn ënnen am Gruef bei der Eecherpuert) an een um Sichenhaff vis-à-vis vun der Kapell, an deem den 12. Juli 1885 dat 27 Méint aalt Kand vum Wiert Jakob A. erdronk ass.

Iwwert de Wäschbuer am Pafendall steet an deem Rapport: *« lavoir, Pfaffenthal près du pont : on pourrait prévoir la reconstruction avec agrandissement de ce lavoir lors du redressement du chemin dit "Descherwee" et de l'aménagement de la rue des Bons-Malades »*. De Steen mat der Joreszuel 1931, dee beim Ofrappe vun der Dalle vum Wäschbuer fonnt gouf, an erëm agemauert ginn ass, géif dann op déi Zäit hiweisen.

1935 gëtt et e Reglement iwwert d'Benotzung vum Wäschbuer vun der Vauban Reiderkasär nobäi. Dee wor haaptsächlech bestëmmt fir déi Leit, déi do gewunnt hunn. Den Artikel 6 ass interessant, gëtt en dach dat erëm, wat déi Zäit nawell gären e Problem wor.

1967 schreift de Stater Buergermeeschter Paul Wilwertz un den Deputéierte René Hengel wéinst dem schlechten Ënnerhalt vum Wäschbuer[6]:

...
Après avoir soumis la plainte au service compétent, je suis en mesure de vous fournir les renseignements suivants: Depuis presque 2 ans, un ouvrier communal est chargé de la surveillance de ce lavoir. Mais en présence de l'indiscipline et du vandalisme, il est pratiquement impossible de veiller au bon ordre.

...
Étant donné que le lavoir en question est peu fréquenté et sera probablement délaissé dans un proche avenir, et qu'au surplus il y a un deuxième lavoir à une distance de 100 m environ, aux abords de la rue L. Menager, les frais de surveillance et d'entretien ne semblent plus justifiables. Voilà pourquoi le collège échevinal propose-t-il aux habitants intéressés de profiter uniquement le lavoir de la rue Menager. La ville ferait alors murer toutes les ouvertures du premier lavoir, et seulement la terrasse en serait conservée.

Vue vum Kneippbad bei der Uelzecht op den Théiwesbuer niewent der Kierch.

© Simone Beck

De Wäschbuer am Pafendall huet du bal 50 Joer weider vegetéiert a wor e Schandfleck vis-à-vis vun der Kierch, well d'Bëtongsdalle gesprongen an d'Gelänner uerg verrascht a geféierlech wor.

Et wor dem Sekretär vum Interesseveräin Pafendall-Sichenhaff, Matthias Schmidt, seng Iddi fir hei eppes Neits entstoen ze loossen an zesumme mat der Stad Lëtzebuerg gouf dunn d'Plaz an hirer heiteger Form entwéckelt a gebaut. Haut glënnert de Buer erëm a bidd den Awunner eng flott zentral Plaz fir sech e.a. ze begéinen a sech auszetauschen.

Bis wäit an d'siechzeger an esouguer an d'siwwenzeger Jore goufe Wäschbueren nach genotzt, ier d'Wäschmaschinne se definitiv ofgeléist hunn. Wann et se schonn um Enn vum 19. Jorhonnert ginn hätt, wier dëse Kommentar aus der Beamten- a Biergerzeitung vum 16. Dezember 1899 net noutwenneg gewiescht:

> *Chronik aus Hollerich. Frauen-Emanzipation. Daß unsere Ortschaft im Fortschritt begriffen ist und von mancher Großstadt beneidet werden kann, davon konnte man sich letzthin um neun Uhr Abends auf unserem Waschbrunnen überzeugen. Es saß nämlich daselbst ein guter Familienvater und wusch die Wäsche seiner Lieben, daß es eine Art hatte, und daß man glauben mußte, unser Misch hätte das Handwerk bei den Wäscherinnen auf den Siebenbrunnen erlernt. Unterdessen war seine bessere Hälfte zu Hause in der Wirtsstube allwo sie ihres Amtes mit Würde waltete. Ob dieser Pantoffelheld noch Nachahmer finden wird, ist jedoch sehr zu bezweifeln und auch sicher nicht zu bedauern.*

Jean-André Stammet

Secrétaire f.f. du Syndicat d'Intérêts Locaux Pfaffenthal-Siechenhof a.s.b.l.

Sources

Adel Weis, Um Vaubang, Aalstater Geschichten, Verlag De Frëndeskreess, 1970, S. 22-24

Archives VdL : Archives de la Ville de Luxembourg

Articles presse : Bibliothèque nationale

Photos : Batty Fischer (Photothèque de la Ville de Luxembourg), Simone Beck, Vic Fischbach, Jean-André Stammet, Roger Medernach

Aquarelle : Sosthène Weis, Les 2 Musées de la Ville de Luxembourg (Collections Villa Vauban)

1 Archives VdL LU 11 II 651
2 Archives VdL LU 11 II 651
3 Archives VdL LU 11 IV/1 210
4 Archives VdL LU 11 IV/2_1925
5 Archives VdL LU 11 IV/3_337
6 Archives VdL LU 13.2.1_fol. 11